268 Seiten
12,5 x 20,5 cm
Sprooch: Lëtzebuergesch
ISBN : 978-2-87953-527-2
17,00€

Editions Schortgen:

Perl oder Pica

Jhemp Hoscheit

1963 huet den Norbi, e Bouf vun zwielef Joer, keng grouss Wiel. Et ass bal alles verbueden an iwwert déi meeschte Saache schwätzt een net. Et ginn déi Gutt oder déi Béis, déi Schwaarz oder déi Rout, den Himmel oder d'Häll, Perl oder Pica, wéi d'Schrëfttypë vun de Schreifmaschinnen, déi de Papp a sengem Buttek verkeeft.

Den Norbi fënnt am Agenda vu sengem Papp a regelméissegen Ofstänn e Buschtaf, de P. Dëse P stellt hie virun e grousst Rätsel. De Krich ass scho laang eriwwer, awer e geeschtert nach an de Käpp vun de Leit. E Besuch am Monument aux Morts mat der Schoulklass ass wéi e Schock. A wann de P da fir Preis stéing? Fir e Gielemännchen?

Perl oder Pica beschreift eng lëtzebuergesch Kandheet zu Esch-Uelzecht. Et geet ëm d'Sich no der Frëndschaft an der Wourecht, aus der naiver a witzeger Siicht vun engem Bouf.

Doriwwer eraus ass de Roman eng Lëtzebuerger Chronik aus de 60er Joer, enger zimlech onkomplizéierter Zäit, déi dem jonken Erzieler awer ongerecht a verluge virkënnt.

Editions Schortgen:

Dem Junior seng Aventuren 3

John Rech & ND! Genen

36 Seiten
21 x 13 cm
Sprooch: Lëtzebuergesch
ISBN : 978-99959-36-52-5
10,00€

Zali! Ech, den Junior, sinn endlech zeréck! Ech weess, 't ass schonn eng Zäitchen hir, mä meng 2 Daddien haten anscheinend «Besseres» ze dinn, wéi sech ëm mech ze bekëmmeren. Déi sinn och voll am Bësch. An dobäi hätt ech hir Hëllef gebraucht fir d'Welt ze retten. Gutt dass ech dobäi wéinstens op d'Kitty an de Metty ziele konnt. An eng ganz Rei Déieren zielen elo och zu menge Frënn. A Propos Déieren: d'Polly ass och nees um Fantaséieren.

Allez, wéi ëmmer dann: Vill Spaass!

80 Seiten – 21 x 26 cm
Sprooch: Lëtzebuergesch
ISBN : 978-99959-36-51-8
24,50€

Editions Schortgen:

De klenge Chef

Illustratioune vum Lys Differding
Text vum Maï Differding

Nieft enger Rei interessanter Fakte rondrëm d'Kachen an d'Iesse vermëttelt dëst Kachbuch virun allem Spaass beim selwer Kachen.

All eenzel Etapp ass flott illustréiert, esoudatt d'Kanner scho fréi no Rezept kache léieren. Ab 5 Joer.

Nouveau: Version française

Anne Faber

Home Sweet Home - Mon Luxembourg



296 pages
18,5 x 24,5 cm
Langue: français
ISBN 978-99959-36-49-5
36,00€

Croquez une bouchée du Luxembourg !

Dans son troisième livre de cuisine, la journaliste culinaire Anne Faber explore la cuisine de son pays natal, tout en approchant des plats traditionnels luxembourgeois d'une façon originale et en cuisinant avec des ingrédients locaux et de saison. Que ce soient de copieux cannelloni de Judd mat Gaardebounen, de délicats muffins à la Mettwurscht, une fondue réconfortante au Kachkéis ou encore des carrés festifs de Bamkuch, les recettes d'Anne apportent une touche unique à ces plats classiques.

Accompagnée par de belles photos prises à travers le pays, voici la cuisine luxembourgeoise comme vous ne l'avez encore jamais goûtée auparavant !

Editions Schortgen:

PICKINICKI

Sonja Lux-Bintner
Illustratioune vum Snejana Granatkina



28 Seiten
22 x 27,5 cm
Sprooch: Lëtzebuergesch
ISBN : 978-99959-36-50-1
16,00€

De Pickinicki steet viru sengem Blummendëppen, kuckt hin an hier a sprëngt mat engem Saz erof an de Gaart. Hien huet sech a säi pickege Kapp gesat, d'Rabonzel ze fannen. Ma de Wee an de Bësch ass méi komplizéiert, wéi hie geduecht hat ...

Wéi et him op senger Rees ergeet, gitt dir an dësem Buch gewuer.

D'Sonja Lux-Bintner, gebuer 1972, huet am medezinesche Beräich geschafft, schreift elo Bicher a wunnt mat Famill, Mupp, Schildkröt a Kanéngche beim Stauséi.

Auteur vun „Äppeltäsch", „Schwaarze Schockela", „De Pierche muss wuessen", der CD „Melusina, der Uelzecht hiert Kand".